## Visitt zum Thema Zweete Weltkrich vun de 5Gen aus dem ALR.

Alle Joer organiséiert den Département des sciences sociales et politques aus dem ALR fir 5G-Klassen eng Visitt zum Thema Zweete Weltkrich. D'läscht Joer si Klassen op Baaschtnech an op de Schumannseck gefuer fir do méi iwwert den Zweete Weltkrich a virun allem d'Ardennenoffensiv gewuer ze ginn.

Am Bastogne War Museum an um Sentier du Souvenir hunn si unhand vun dëser bluddeger Schluecht d'Schicksal vun den amerikaneschen an däitschen Zaldoten, awer och vun der Zivilbevëlkerung gewise kritt. De Service technique huet eis ee Plat an der Feldkichen zoubereet an d'Quadriga, huet eis Schüler op en Tour mat hire Militärgefierer matgeholl.



D'Schüler konnten een Tour mat de Militärgefierer vun der der Quadriga maachen.



Am Schoulhaff vum Lycée zu Wolz hat de Service technique vum ALR eng Feldkichen installéiert, wou Schüler eppes z'iesse kritt hunn.



Visitt Sentier du Souvenir.











**E puer Andréck vum Ausfluch vum Noémie Baum, Dana Groben a Léo Holweck.**